ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamme Gesondheetsminister a Justizminister weiderzeleeden.

Wann dat stëmmt, wat een a ville Länner an de Medien, vu Politiker a Spezialisten aus dem Gesondheetssektor, héiert, sollen – wéinstens zu engem Deel – déi der Bevëlkerung operluechten Andämmungsmoossnamen nach esoulaang daueren, bis en Impfstoff do ass. An eréischt wa jidderee geimpft wier, kéint et zu engem Ophiewe vun de Schutzmoossname kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Madamme Gesondheetsminister a Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Huet d'Regierung eng allgemeng Positioun zum Sujet Impfflicht?
2. Wat fir Impfunge sinn am Abléck hei am Land nach obligatoresch?
3. Ass d'Regierung dofir, eng spezifesch Impfflicht anzeféieren, wa bis en zougeloossenen Impfstoff géint de Coronavirus do ass? Wann nee, ass d'Regierung dogéint, datt déi Leit, déi den Impfstoff ofleenen, mat Restriktiounen, egal vu wéi enger Zort, dozou bruecht ginn, sech schliisslech awer impfen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten